# « Fun Challenge Cliärref »

Am Kader vun der Fun Challenge Cliärref haten d'Equipen d'Aufgab eng 3D-Maquette (Architekte-Maquette) ze erstellen déi hire Wonsch vun deem wat an hiren Aan an der Gemeng feelt, esou konkret ewéi méiglech duerstellt.

EQUIPE: **SThoNErJaCCKHeD**
Thema MAQUETTE: **ÉISLEK ADVENTURE PARK**

Eise Wonsch ass een "Éislek Adventure Park" dat heescht eng Aart Fräizäitpark mat: engem Wëldpark, an een Weier, engem Héischseelkloterpark, eng Kloterwand oder Tuerm, een Aussiichtstuerm, enger Schlittschongpiste, déi am Summer benotzbar kéint gemaach ginn als Fräiliichttheater, fir Shows oder Fräiliichtkino, an enger Snackbar, oder Frittebud.

Eise Wonsch kéim fir jiddereen a Fro, Grouss a Kleng, Jonk an Al, fir jiddereen aus der Gemeng, an och aus dem ganzen Land, an Ausland.

Mir kéinten eis deen Projet zu Maarnech um Schwaarzenhiwwel, beim Sender virstellen. Maarnech ass eng Plaz déi gutt duerch Dräibunn fir vill Leit ze erreechen ass.

Texter si vun den Equippe selwer geschriwwen.